



Merci, Här Minister!

Den Här Kulturminister Eric Thill hat **de Comité vun der AL bei sech invitéiert**, fir sech kennen ze léieren an Explikatiounen ze kréien. Och wann eis Relatiounen mat alle Ministere vun der Kultur ëmmer ganz genësseg waren, **dat hei war eng ‚Première‘!**

Et muss ee soen, dass den Här Thill äis gutt nogelauschtert a sech eng Partie Notize gehol huet, wéi mir him eis Missioun fir d'Lëtzebuergesch auserneegedinn hunn. **Et gong rieds driwwer, dass d'Saach vun eiser Nationalsprooch verschidde Fassaden huet:** déi wëssenschaftlech Säit; de literareschen Deel; d'Sprooch an de Schoulen, mä ganz besonnesch d'Lëtzebuergesch ‚bei de Leit‘. Eis Actioun-Lëtzebuergesch steet zënter 53 Joer (2 Generatiounen!) fir dee leschte Punkt vun dëser Opzielung, a bei dësem ‚populären Deel‘ vun dëser Rei hu mir mengerwäreg **eng Hellewull fir eis Mammesprooch op eiser Lee**...ouni eis Aarbecht giff haut nach rosewéineg iwwer d'Sprooch vum Land geschwat. Eng ganz einfach ‚rhetoresch Fro: **Wou a wéi war d'Sprooch 1970 drun... a steet si haut?**

vum Lex Roth



De Kulturminister Eric Thill (2.v.r – ennen); den Direkter fir d'Lëtzebuergesch Pierre Reding, d'Sekretärin Claudine Schmit; d'Delegatioun vun der AL (Claude Bache, Patrick Kaell, Lex Roth, Vic Weber)

Fir äis ass et ganz wichteg, dass déi politesch ‚tutelle‘ fir d'Sprooch net (méi) an zwou parteipolitesch verschiddenen ‚Hänn‘ läit, well am anere Fall ass et jo bal normal, dass Spannungen entstinn, déi eisem Uleies net grad ‚digeleg‘ sinn, egal wat fir eng Partei dat dann elo ass...well d'AL war, ass a bleift hire Statuten no politesch NEUTRAL!

An deem Sënn **freeë mir äis op gutt Schaffe mam Här Minister Thill**, sou wéi mir et mam Här Claude Meisch haten... a gär weider um Gebitt vun de Schoulen hätten.

Dann iwwersetzt emol!

Fir ze (be)weisen, dass **eis Sprooch keen esou e babbelegt Këndchen** am Krees vun deene méi ‚klengen‘ Idiome wéi Flamännesch, déi 3 skandinavesch Sproochen, oder Irlännesch ass, kann et net vu Muttwëll sinn, wa mir heinsdo Ausdréck oder ganz **lëtzebuergesch Sätz bréngen, déi guer oder bal näischt mat anere Sproochen ze din hunn**. Dat huet och ganz bestëmmt e sougenannte psychopädagogesch Afloss bei der Meenung iwwer eis (national) Mammesprooch:

Et knuppt esou haart, dass ee bal fährt * du gees mir fatzeg op d'Strëmp * looss dat do elo ennerwee! * dann héissen ech alt erëm * maach mir eng Molbiersschmier * gëff dech mat deem Gejäiz * hal op mat dengem hiermiddege Gesabbels * ech hunn eng kleng Freckegt a sinn hänkeg * dat do schuddert mech * géi net an déi Bloder triwwelen * hatt huet eng Knätzel an den Hoer * wat ass dat e koppegen Dräibiz * maach dech aus de Féiss * ech hu mir eng ginn, dat gëtt e Roff * et fisemt dobaussen * d'Mill ass e geckegt Bëtschel * klak d'Dier net esou rosen * schnäiz deng schnuddeleg Nues * garrel keng sou déck Wëppelen * lo kriss du eng gefacht * dajee dann, bis eng aner Kéier.

Kadaster

De Kolleg Alain Atten huet sech, ausser senger anerer viller gudder Aarbecht, un eng Landkaart vu Lëtzebuerg ginn, déi e laangt Liewen an eise Schoule wäert kréien. Dofir bleiwe mir him en décke Merci schëlleg!

‚Mir‘ haten **an der Zäit geduecht, eise Flouernimm déiselwecht Chance ze ginn... vrun allem, well si, mat den Uertschaftsnimm, wéi a ville Sproochen déi eelsten Zeie vun engem Idiom sinn**. Dat war eng Aarbecht iwwer Joeren, an et hat ee geduecht, well de Patrice Schonckert als fréieren Direkter vum Kadaster d'Hauptaarbecht geleescht huet, elo giffen **déi krommenoleg verdäitschten Nimm vun 1824** (200 Joer!) endlecht hirt lëtzebuergesch Gesicht kréien, souzese festgeschrauft ginn; mir giffen se dann och **an den Notären hiren Annonce** fannen. Richtig: Mir hate geduecht, gemengt, a waren iwwerzeegt, dass wier dach nëmmen normal...mä dann ‚hipp alt‘ seet e flotte lëtzebuergesch Ausdréck. **D'Saach ass entschlof!** Eise Finanzminister an säi Kolleg vun der Kultur kriten eng ganz Këscht Kamellen, wann si als ‚de tutelle‘ déi Saach konsequent giffen upaken. De Merci vun der Actioun-Lëtzebuergesch an allen, deenen eis Sprooch uewe läit wier dësen zwéin Häre ganz gewëss!

Iwwersetze fir eis Press

Et ass jo **normal, dass eis Presse-Leit e sëllegen aus anere Sproochen an d'Lëtzebuergesch eriwuerhuele mussen**. Dass ass ower nach laang net esou einfach wéi ee kënn mengen; vrun allem, well ee gär iwwer aner Sproochen ‚ausrëtscht‘. Dofir misst emol dru geduecht ginn, fir en Iwwersetzungscours anzeféieren, dee jidfer Journalist d'Méiglechkeet fir Traduktiounen an eis Sprooch ze maachen giff ginn. Mir kënnen äis virstellen, dass dës Coursen an **d'Kompetenz vum Direkter fir d'Lëtzebuergesch** giffe gehéieren; dass ass eise Frënd, den Här Pierre Reding, deem senger Geschéckerlechkeet als studéierte Pädagog dat och zouzeträuen ass. Wann eis Hëllef sollt eng Stäip kënnen sinn: Mir sinn do!

Luc Marteling: Keen Äddi!

Mir felicitéieren dem Luc Marteling fir seng **Nominatioun als neie Chef vun der Informatioun bei RTL-Radio-TV** an RTL.lu... ower net gär!

Hien huet beim Opbau vum ZLS, dem ‚Zenter fir d'Lëtzebuergesch Sprooch‘ **säi ‚Maachertalent‘** gewisen; ouni de Luc giff deen net do stoe wou en ass. Hie mécht also elo en ‚aller-retour‘ duer, wou mir hien och 2009 als éierleche **Frënd vun eiser Sprooch** kennegeléiert hunn...an 10 Joer laang Artikele fir an iwwer eis Sprooch bei RTL hu kënnen schreiwen. Et wier ze hoffen, dass dee fuschneie Programmchef äis an dësem Sënn net giff vergiessen. **Mir si prett fir mam Luc Marteling eng Zort KLACK op RTL ze lauden.**



Luc Marteling

Foto: Chris Karaba

Wantersprooch

Huet dir alt ewell mol dru geduecht, wéi **eis Sprooch mat ‚Wanterphenomänen‘** ëmgeet? Mat Ausdréck, déi ower och glat näischt mat enger anerer Sprooch ze din hunn: **Schnéiklatz - Glëtz - Wicken - eng Schëffel - eng Gleis - Äislämmercher (Kullang) - den Neelchen - Brommä**... bis den Huer eriwuerflit ☺

AL-Generalversammlung

**Samschdeg, den 13. Abrëll 2024
um 15 Auer zu Mutfert,
am Jugendhaus
1, Méidenger-Strooss**